Fraktioun – 22.11.2018

Wann s du eis viregt Bäiträg zum Parlament héieren hues, da weess du mëttlerweil wat d'Parlament mécht e wéi seng Membere gewielt ginn. Mee wéi sinn d'Parteien innerhalb vum Parlament organiséiert?

Ee wichtege Bestanddeel dovu sinn déi sougenannt Fraktiounen oder op Franséisch *groupes parlementaires.*

Eng Fraktioun innerhalb vun engem Parlament besteet aus e puer Deputéierten, déi meeschtens därselwechter Partei ugehéieren. Et kënnen awer och Deputéierten aus verschiddene Parteien an enger Fraktioun sinn. An Däitschland z.B. ass dat de Fall bei der CDU an der CSU, déi zesummen eng Fraktioun am Bundestag bilden. D'Mindestzuel, déi ee brauch fir eng Fraktioun ze bilde variéiert och jee no Land. Zu Lëtzebuerg zum Beispill brauch ee mindestens 5 Deputéierten.

Heiansdo huet eng Partei awer manner wéi 5 Sëtz am Parlament. Déi Parteie kënnen zu Lëtzebuerg mat anere Parteien zesummen e *groupe technique* maachen. Zesumme musse si mindestens 5 Deputéierten hunn. Zum Beispill hunn sech viru Kuerzem d'ADR an d'Piraten zesumme gedoen.

Wann eng Partei weder an enger Fraktioun nach an engem *Groupe technique* ass, da schwätzt ee vun enger *Sensibilité politique.*

Mee wat bréngt et enger Partei, eng Fraktioun ze bilden?

Eng Fraktioun ka bei der Organisatioun vun der Aarbecht an der Chamber matbestëmmen. All Fraktioun huet nämlech e Fraktiounspresident oder eng Fraktiounspresidentin. Déi ass an der *Conférence des Présidents*, wou wichteg Entscheedungen zur Aarbecht an der Chamber geholl ginn. An deene Versammlungen ass och de Chamberpresident oder d'Chamberpresidentin. *D'Groupes techniques* hunn och eng Aart President, mee an dësem Fall heescht d'Persoun Coordinateur oder Coordinatrice.

Eng Fraktioun ze bilden huet awer nach eng Rei weider Virdeeler fir d'Parteien. Wat genau dës Virdeeler sinn, hänkt vum jeeweilege Parlament of. Oft kréie Parteien, déi eng Fraktioun bilden, méi finanziell Ënnerstëtzung wéi aner Parteien. Dëst ass zum Beispill wichteg, fir Personal anzestellen, well nämlech all Partei Mataarbechter brauch, déi d'Deputéierten an hirer Aarbecht ënnerstëtzen. Dozou gehéiert zum Beispill Riede virbereeden a Rapporten zu Gesetzer schreiwen.

Fraktioune kréien och oft X bei Debatten am Parlament méi Zäit fir ze schwätzen, wéi Parteien, déi net an enger Fraktioun oder engem *Groupe technique* sinn. Dëst ass och de Fall bei verschiddenen Debatten an der Chamber zu Lëtzebuerg.

Momentan gëtt et an der Chamber zu Lëtzebuerg 4 Fraktiounen, nämlech d'CSV, d'DP, d'LSAP an déi gréng. Donieft gëtt et ee *Groupe technique*, deen aus de Piraten an dem ADR besteet, a schliisslech eng sougenannte *Sensibilité politique,* déi Lénk.